



Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 6255 vum 25. Mee 2022 vun den éierwäerten Deputéierten Här André Bauler an Här Gusty Graas iwwert "Utilisation de l'eau de la Moselle comme eau potable"

1. Ëm wat fir eng Studien handelt et sech? Wéini wäerten déi spëtstens ofgeschloss sinn?

De Moment lafen Etüde fir d'Machbarkeet vun enger Potabilisatioun vu Waasser aus der Musel ze préiwen. Et handelt sech virun allem ëm d'Beräicher vun der Opbereedungstechnik an dem Verdeelungsreseau an dës wäerten Enn 2022 ofgeschloss sinn. Eréischt nom Ofschluss vun deenen Etüden kann eng Conclusioun gezu ginn wéi d'Muselwaasser fir Drénkwaasserzwecker ka benotzt ginn.

2. Wat fir Risike kéinte vum Atomkraaftwierk Cattenom am Kontext vun der Drénkwaassergewënnung aus der Musel ausgoen?

Am Fall vun engem schwéieren nuklearen Accident zu Cattenom, deen och aner déifgräifend Konsequenzen op eist Land hätt, besteet de Risiko vun engem Relarguage vun Tritium an d'Musel. Fir dësen Impakt op d'Drénkwaasserversuergung ze verhënneren falls d'Muselwaasser géif benotzt ginn, misst ee Fréierkennungssystem installéiert ginn fir ze verhënneren datt Tritium an den Drénkwaassersystem kënnt. Esou ee Fréierkennungssystem enthält notamment Miesstatiounen a Pufferweieren. Och am Fall vun engem temporären Ausfall vun der Drénkwaasserversuergung vun der Musel kéint d'Versuergung vum Land garantéiert ginn, dëst duerch d'Kapazitéite vun der SEBES-Anlag zu Eschdurf an duerch d'Bedreiwe vun Déiftebuerungen vun der "solution de secours".

3. Wéi huet sech d'Waasserqualitéit vun der Musel an de leschte Joer entwéckelt? Mussen an deem Zesummenhang nach weider Moosnamen ergraff ginn?

Dat ökologescht Potential vun der Musel ass laut de Bewäertungskrittäre vun der Waasserdirektiv (2000/60/CE) als onbefriddend agestuift. Déi physikalesch-chemesch Parameter déi nieft anere Parameter an déi Bewäertung agefloss sinn, an op der Miesstatioun zu Waasserbëlleg beprooft goufen, goufen dobäi als mässeg agestuift. De chemeschen Zoustand vun der Musel gouf als schlecht agestuift. Insgesamt gekuckt ass d'Situatioun an deene leschte Joere stabil bliwwen.

Mat modernen Traitements-Anlagen sollt dëst ewer kee gréissere Problem fir d'Drénkwaasserproduktioun duerstellen. Déi lafend Etüden wäerte weisen wéi dësen Traitement muss ausgesinn fir eng gutt Drénkwaasserqualitéit kënnen ze garantéieren.

Weiderhi sinn och eng ganz Rei Moosnamen am Waasserbewirtschaftungsplang fir d'Period 2021-2027 festgehale fir d'Qualitéit vun der Musel allgemeng ze verbessern.

Lëtzebuerg, den 1. Juli 2022
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung